## Gemengerot

# vum 28ten November 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV),** begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 24ten Oktober 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

- Presentatioun vun der Ëmsetzung vum Programm 2026 'EEA' (European Energy Award, Pacte Climat 2.0) vum eisem Klimaberoder, den Här Thierry Lagoda

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** informéiert iwwert d'Sëtzung vum Kommittee vum SICEC (Syndicat Intercommunal pour la Construction, l'Entretien et l'Exploitation d'un Crématorium) deen déi Woch virdru stattfonnt huet. Wärend dëser Sëtzung gouf de rektifizéierte Budget 2025 an de Budget 2026 gekuckt. Et ass fir d'éischte Kéier datt de SICEC besteet datt d'Cotisatioun liicht muss gehéicht ginn, soss kënnt den ordinäre Budget net an den Equiliber. D'Cotisatioun geet elo vun 12 Cent pro Awunner op 20 Cent pro Awunner erop. Et handelt sech ëm eng Hausse déi net ze ëmgoe war. De Chantier deen do um Site schonns méi laang amgaangen ass, dee soll elo definitiv de Mee 2026 fäerdeg ginn. Et ass elo dobäi komm datt de Justizministère virstelleg ginn ass well dëse gären e Raum zur Verfügung gestalt kritt fir e Läichendokter an dëst fir kënnen eng zweet sougenannt Obduktioun op der Plaz duerch ze féieren. De Ministère bezilt dat och, mä dat hëlt awer e bëssen Zäit an Usproch fir dat fäerdeg ze maachen. Et wäert wéi gesot awer alles definitiv fäerdeg sinn am Mee nächst Joer. Et hunn d'lescht Joer 124 Dispersiounen ouni datt Famill, Frënn oder Bekannten dobäi ware, stattfonnt also ganz anonym.

Gëschter Moien huet d'Sëtzung vum Büro vum Offallsyndikat SICA (Syndicat Intercommunal pour l'Hygiène Publique du Canton de Capellen) stattfonnt. An deem Kader ass och den ekonomesche Bilan vun den Offäll veréffentlecht ginn. Och d'Gemeng misst dësen an der tëschent Zäit kritt hunn. Net méi spéit wéi gëschter war eng Publikatioun an der Press datt Lëtzebuerg pro Kapp déi drëtt meescht Offäll an der EU huet. Dat muss een awer relativiséieren, do spillt och déi grouss Unzuel vu Frontalieren déi all Dag heihinner kommen an natierlech Offall hei loossen eng Roll. Am Beräich vun de Gemengen déi beim SICA affiliéiert si kann ee soen dass de Niveau bei de groe Poubelle zimmlech selwecht bliwwen ass. Zirka 123 kg pro Awunner. Do ass keng signifikant Hausse. Dësen Tonnage muss een awer och relativiséiere well awer ganz vill Entreprisen (PME) a Restauranten den Offall net iwwert den SICA wechhuele loossen, mä wou eng privat Firma sech doréms këmmert. Déi Kiloe kéimen natierlech nach dobäi mä déi ginn hei net erfaasst. Wat an der Press bericht ginn ass, ass eescht ze huele mä trëfft op d'Gemengen déi beim SICA affiliéiert sinn net zou.

**Den Här Marc Bissen (LSAP)** informéiert iwwert de leschte Kommitee vum SICONA deen den 11ten November 2025 statt fonnt huet. Een Haaptsujet deen op der Dagesuerdnung stoung ass de Budget. De Budget ass eestëmmeg ugeholl ginn. Am Budget fënnt een, ab nächstem Joer, den Ausbau vum Gebai zu Ollem net méi. Bis Ënn dës Joers gëtt de ganze Chantier ofgeschloss. Opgrond vun dësen Aarbechte sinn eng 30 nei Bürosplazen entstanen. Dat klëngt no vill mä eleng fir d'nächst Joer sinn 11 nei Poste geplangt, ob dat elo iwwert de SICONA-Centre oder SICONA Sud-Ouest leeft. Et sinn eng Partie Gemenge beim SICONA bäigetrueden, haaptsächlech am Zentrum, wat mat sech bréngt dass weider Personal muss engagéiert gi fir kënnen déi Projeten ze maachen.

Ganz erfreelech ass och dass d'Member Gemenge weider an den Naturschutz investéieren iwwert d'Joresprogrammer. Heibäi handelt et sech ëm interessanten Exercice iwwert deen och am Schäfferot gekuckt gëtt a wou dësen da ka mat entscheede wou geziilt am Naturschutz an der Gemeng investéiert gëtt. Deemno geet dee Montant dann an d'Luucht. Dat heescht d'Gemengen hu 500.000 Euro méi wéi 2025 beim SICONA am Budget stoe fir do kënne konkret Projeten ëmzesetzen.

Fir 2026 sinn am Ordinäre 14,5 Millioune Recetten a 14,2 Milliounen Depensë wat e Boni mat sech bréngt vun 275.000 Euro. Deen Boni ass d'nächst Joer bësse méi kleng, wéinst de Subsiden, de SICONA ass staark finanzéiert vum Ëmweltfong a vum Ëmweltministère wou ee fir d'Projeten Zousoe kritt mä d'Subside kommen dann e bësse méi spéit. Am Extraordinären si Recette vun enger Millioun an Ausgabe vun zwou Milliounen, wat relativ onspektakulär ass am Verglach zu der Gemeng Kielen. Wann d'Bonie reportéiert sinn Enn 2026 wäert een e Boni am Ordinäre vun 1,8 Milliounen an e Boni vun 100.000 Euro am Extraordinäre fannen, wëssend datt de ganzen Ausbau vum Gebai ouni Apport vun de Gemenge realiséiert ginn ass.

De 16ten November 2025 hat de JUKI de Gemengerot an de Kino invitéiert. Do ass e Film gewise gi bei dem den Här Breden an d'Madamm Noesen-Heintz och deelgeholl hunn. Zwee Jonker, respektiv 3 Jonker, sinn de Mont-Blanc ropgeklommen, well déi Persoun déi de Film gedréint huet ass jo och mat eropgeklommen, nämlech de Keyvan, de Ilan an de Ricardo. De Keyvan ass bekannt an der Gemeng Kielen, deen hat 2012 den 'Prix de mérite jeunesse' gewonnen, deemools wou de Grand-Duc an d'Gemeng komm ass. Dat war och schonns e Film deen iwwert de JUKI gedréint ginn ass. Déi hunn elo eng zweet Aventure gestart wou si de Mont-Blanc eropgaange sinn an dat Ganzt dokumentéiert hunn. De Film war genial. De Gemengerot hat jo e Subsid fir dëse Film accordéiert deen haaptsächlech an d'Produktioun vum Film gefloss ass. De Film ass am Kino gewise ginn a war absolut kuckenswäert. En ass an zwee Kinossäll gelaf, déi ausverkaf waren. Et gëtt och e Link fir de Film um Youtube ze kucken. En heescht 4810, wat d'Héicht vum Mont-Blanc ass. Et ass och virgesinn dass de JUKI de Film nach eng Kéier zu Elmen am Wantergaart weist. De Subsid deen d'Gemeng fir dëse Film gemaacht huet war eng ganz wäertvoll Saach. Si selwer hunn nach erzielt wéi wichteg et ass dass een un Dreem gleeft

an dass een sech als Jonke soll beweegen an eppes ënnerhuele fir dass een herno senge Kanner eppes kann erzielen. Dofir huet een och Jugendhaiser déi een ënnerstëtze fir esou Projeten ze realiséieren. Schéine Message goufen beim Eropklamme vum Bierg mat agebaut an et war och e witzege Film.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** schléit vir dass een dëse Film engem méi grousse Publik soll zougänglech maache, soit zu Ollem oder am Musekssall.

D'Police huet dem Här Félix Eischen ugeruff dass si missten an d'Haus Nummer 10 an der Meespelterstrooss zu Keespelt eragoe nodeem d'Famill sech gemellt huet well et vun der Persoun déi do wunnt zënter enger Zäit kee Lieweszeeche méi géif ginn. De Buergermeeschter huet säin Accord ginn. D'Dier ass awer net gutt opgaange well hannert dëser eng jett louch. Eng véierel Stonn drop rifft d'Police nach eng Kéier u fir matzedeelen dass am Haus geféierlech Materialie géife léien, spréch Waffen, Munitioun, Granaten, etc. Et muss een awer dozou soen dass den Här Valentin Hilbert, Joergang 1959, e Sammler war vu militäreschem Material. Dass dat militäresch Material awer einfach esou verstreet am Haus läit ass scho speziell. D''Unité spécial' vun der Police ass komm, den 'Deminage' war do wat alles seng Zäit gebraucht huet. Wéi se du bësse méi wäit am Haus dobanne ware gouf den Här Valentin Hilbert lieweg fonnt. Wéi hien dunn dobausse war krut hien eppes z'iessen an du gouf en Hotel fonnt wou hien hätt kéinten higoen, well d'Gemeng selwer hat deen Dag keng Wunnméiglechkeet fräi. Et muss een awer mol kucken dass d'Gemeng an d'Zukunft en Ënnerdaach kritt an dowéinst ass si och am Kontakt mam Office social. D'Police huet de Mann an den Hotel gefouert mä do war d'Receptioun zou. Dunn hunn si de Buergermeeschter erëm ugeruff fir de Mann da schlussendlech mat an de Kommissariat ze huele wou en d'Nuecht verbruecht huet. Moies ass e fortgelaf an ass dunn am Cactus fonnt ginn. D'Police huet en dunn erëm matgeholl awer net verhaft well en huet keng Strofdot gemaacht. De Mann ass elo fir puer Deeg an der Wanteraktioun dat ass eng Aktioun wou en nëmmen e puer Deeg ka bleiwen. D'Gemeng ass amgaangen ze kucke wou de Mann kann ënnerbruecht gi well säin Haus ass net méi bewunnbar, wat virdrunner och schonns de Fall war, mä elo sinn och nach d'Fënsteren agebrach ginn. En Avis gouf ausgehaangen dass kee méi dierf en Accès hunn an dat Haus. D'Police mécht och Patrullen. D'Situatioun ass elo déi dass gekuckt gëtt wou den Här ënnerkënnt an de 'Service de déminage' dee wäert dat Haus an deen nächsten Deeg ganz ënner d'Lupp huele well si waren nach net um Späicher an nach net am Keller. D'Police sot Owes nach dass si an enger Situatioun wäre wou schaarf Granate fonnt ginn si, wann der nach méi fonnt gi misst een eventuell un eng Evakuatioun denke vun der Noperschaft. Deen Ament gouf schonns en Noutfallplang ausgeschafft fir d'Leit mat Busser eventuell op Kielen ze bréngen an d'Buvette. De Fussball gouf avertéiert fir dass e puer Leit do wäre fir den Accueil, fir eppes z'iessen ze ginn an ze drénken. Et wär och eng Méiglechkeet do gewiescht fir Better opzestellen. Et sinn Duschen an Toiletten do. Mä esou wäit ass et awer net komm. Wat awer net wëll soen dass et eventuell kéint nach esou wéit komme well kee Mënsch weess wat alles an deem Haus läit. D'Gemeng wäert dat an deenen nächsten Deeg gewuer ginn. Fir de Moment ass awer keng direkt Gefor do well net am Haus operéiert gëtt. De 'Service de déminage' wäert an den nächsten Deeg weiderfueren. De Mann ass an engem relativ gudde gesondheetlechen Zoustand an en huet och net fonnt dass dat wat hien a sengem Haus hat géif eng Gefor duerstellen, respektiv seng Liewensqualitéit beanträchtegen.

Op der Strooss virun der Gemeng gouf de Binder gemaacht, dat heescht den éischte Belag. D'Strooss geet op virum Kollektivcongé an dann ass d'Vitesse limitéiert op 30. Si bleift elo nach e bëssen zou fir dass an aller Sécherheet déi Steng fir d'Trottoire kënne geluecht ginn. Deen definitive Belag dee méi héich a méi hell wäert si gëtt am Fréijoer gemaacht wann d'Temperaturen et erlaben, viraussichtlech am Abrëll.

Dës Woch huet och eng Entrevue bezüglech der Biogasanlag stattfonnt mam Curateur, mat de Leit vun der Bank, mam Affekot vun der Bank a mat eisem Affekot. Dir wësst dass et eng Faillite gëtt. D'Situatioun ass déi dass d'Gemeng e Bail emphytéotique hat mat Naturgas Kielen. De Bail besteet nach. Et gouf gebotzt a sanéiert um Site an dorëms huet den Ëmweltministère sech gekëmmert. De Site ass elo eenegermoosse propper. An de Risiko deen d'Gemeng gelaf ass, si ass jo de Proprietär vum Terrain, datt wann dann de Bail opgeléist gi wär datt dann den Terrain un d'Gemeng gaange wär an d'Hypothéik déi op de Gebailechkeete léit mat gezu gi wär. An deem Fall hätt Gemeng misste fir déi Hypothéik opkommen. Dofir gouf dee Bail nach net opléist. D'Leit vun der Bank, den Affekot vun der Bank, eisen Affekot an d'Gemeng sinn sech elo eens mam Curateur dass et elo um Curateur ass esou séier wéi méiglech e Repreneur ze fannen. Et gëtt eng Lëscht vu 5-6 Entreprisen, Gesellschaften déi drun interesséiert sinn. Déi einfachst Solutioun wär, dass déi Aktivitéit déi um Site stattfonnt huet erëm géif opgeholl ginn. Wéi gesot et sinn Interessenten do mä déi Aufgab läit beim Curateur. Et ass elo net un der Gemeng eng Decisioun ze huelen och wann déi eventuell Repreneuren sech bei der Gemeng manifestéieren. Bei all Fro soll een sech un de Curateur wenden.

De Chantier Schoul Elmen ass op der leschter Ligne droite. D'Klassesäll op den ieweschte Stäck, 1 an 2, sinn alleguerte fäerdeg, sinn ageriicht an och déi interaktiv Tafelen hänken. Et muss nach gebotzt ginn an et dierft der Rentrée wéi se geplangt ass de 5ten Januar 2026 näischt méi am Wee stoen. Esou bal d'Kanner eriwwer geplënnert sinn op Elmen, gëtt déi al Schoul A+B zu Kielen ausgeraumt a gebotzt. Et steet nach relativ vill an de Kelleren. D'Bänken an d'Dëscher gi vun der Kanner a Familljenhëllef ofgeholl et muss nach en Datum fixéiert ginn. D'Gemeng ass ganz frou dass déi Bänken an Dëscher déi scho jett Joren um Bockel hu mä nach net futti si kënnen anerwäerteg agesat gi wou et e Besoin gëtt.

D'Madamm Nadine Tibor verstäerkt zanter dem 1ten November 2025 d'Ekipp vum Personalbüro. D'Gemeng Kielen huet ëmmer méi eng grouss Unzuel vu Mataarbechter sou datt de Besoin besteet de Personalbüro ze verstäerken.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV),** informéiert datt de Méindeg de Moien eng Mentioun vun der lokaler DP Sektioun op der Gemeng agaangen ass. DP bedauert an hirem Schreiwes datt um CR103, op der d'Strooss tëschent dem Quartier Elmen an dem Domaine Hueseknäppchen, d'maximal Vitess op 70 festgeluecht ass, obwuel de Pedibus an och aner Leit dës Strooss wäerte passéieren. Dofir gëtt gefrot dass de Schäfferot soll bei Ponts et chaussées eng Reduktioun vun der Vitess ufroen an zwar vu 70 op 50. Och soll de Foussgängeriwwergank vun engem Agent municipal iwwerwaacht gi fir dass do de sécheren Iwwergank soll assuréiert ginn. Wat d'Vitess op dëser Plaz betrëfft dat gouf schonns mol erwäänt. An deem Kontext hat de Schäfferot schonns am Joer 2023 eng schrëftlech Demande un d'Ponts et chaussées adresséiert fir eben op der Streck op 50 erofzegoen dat gouf deemools awer refuséiert well si der Meenung waren dass hei d'Sicht net beanträchteg wär. Et gëtt elo proposéiert datt de Schäfferot nach eng Demande an Demarche bei Ponts et chaussées mécht fir dass d'Vitess op 50 erofgesat gëtt. Et muss ee wëssen dat an d'Zukunft vill Aktivitéit op deem Iwwergank wäert sinn sou datt et absolut Sënn mécht hei 50 anzeféieren. Wat Präsenz vun engem Agent municipal betrëfft et ass geplangt datt deemnächst 2 Agenten an deem Service wäerte sinn, wat wäert mat sech bréngen datt déi Leit méi um Terrain wäerte present sinn. D'Gemeng ass sech eens gi mat 2 Persounen déi wäerten de Pedibus organiséieren vun der Cité Hueseknäppchen bis bei d'Schoul an déi dovunner ganz begeeschtert sinn. Opgrond vun hirer sympathescher Manéier wäerten

si héchstwarscheinlech nach méi Kanner motivéiere fir zesummen ënner dem Pedibus-Label an d'Schoul ze goen.

**Den Här Max Molitor (LSAP)** informéiert iwwert d'Entrevue um Transportministère mat Leit vum RGTR, mam Här Guy Entringer a dem Här Marc Silverio fir déi weider Inclusioun betreffend dem Transport vun Elmen an déi aner Dierfer vun der Gemeng, dozou zielt och d'Duerf Ollem, unzegoen. An dee Message deen si ginn hunn ass datt een um CR103 d'Vitess misst op 50 erofsetzen an datt, ab deem Moment wou d'Gemeng envisagéiert de Projet weider ëmzesetzen, een do op hire Réckhalt kann ziele fir eng Hand mat unzepaken. Wat ëmmer erëm betount gouf ass datt d'Ponts et chaussées hir Krittären huet an si halen sech relativ streng drun. Mä dee Message deen si matginn hunn ass, datt d'Gemeng kann op hire Support ziele fir do kënnen eng Reduktioun vun der Vitess ze erreechen.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV),** confirméiert datt et keng Saach vun der Onméiglechkeet ass datt déi gewënschte Mesure kënnen ëmgesat ginn. Et géif Sënn maachen, do brauch een net driwwer ze diskutéieren. 70 ass schonns séier, wa 70 erlaabt ass gëtt et gären 80, wa 50 erlaabt ass fueren se mat 60, wat awer en Ënnerscheed ass an dofir ass et net ëmmer evident fir séier ze bremsen.

**D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP)** äussert sech och positiv fir d'Reduktioun op 50 a mécht de Verglach mam Ausland wou den Trafic bei de Schoulen op 30 km/h geregelt ass.

**Den Här Larry Bonifas (déi gréng)** mécht de Verglach mat der Stad-Lëtzebuerg a Mamer an appelléiert datt d'Gemeng Kielen zousätzlech zu hire Beméiunge vun der Reduktioun vun der Vitess op 50 en Agent dee gutt sichtbar ass beim Foussgängeriwwergank soll virgesinn an datt dësen sech och dee Moment wou d'Kanner iwwert d'Strooss ginn an d'Strooss stellt.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, (CSV),** deelt mat datt wa bis e grousse Grupp beim Pedibus matgeet dësen och schonns, duerch déi gutt sichtbar Kleedung, op sech opmierksam mécht.

**Den Här Max Molitor (LSAP)** informéiert dass an deem Kontext och schonn am Schäfferot decidéiert ginn ass datt an enger éischter Phas Mataarbechter vum Regibetrib wäerten de Foussgängeriwwergank iwwerwaachen.

## *1. Compromisen / Verkafsakten*

### *1.1. Compromis fir den Echange vu Parzelle geleeën um Uert, 'Rue de l'École' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir en Echange vum 22ten Oktober 2025 laut deem d'Societéit, 'Nospelt Property S.àr.l.' vertrueden duerch den Här Christophe Patrice Jérôme Nadal, d'Parzell n°174/5276, Strooss, mat enger Surface vun 0,08 Ar, Sektioun C vun Nouspelt géint d'Parzellen n°174/574, Plaz, mat enger Surface vun 0,11 Ar an n°175/5278, Plaz, mat enger Surface vun 0,58 Ar, soit fir en Total vun 0,69 Ar, all geleeën an der Sektioun C vun Nouspelt, um Uert 'Rue de l'École', mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, tauscht. Dësen Echange fënnt fir e Präis vun 1.000 Euro den Ar statt an no dësem entsteet eng Sult vu 610 Euro zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

### *1.2. Compromis fir den Echange vu Parzelle geleeën um Uert 'Rue d'Olm' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir en Echange vum 12ten November 2025 laut deem d'Madamm Martha Elisabeth Scherer gebuer Ditchen an den Här Björn Scherer d'Parzell n°60/4997, Strooss, mat enger Fläch vun 0,23 Ar géint d'Parzell 60/4998, Plaz, mat enger Surface vun 0,41 Ar, béit geleeën um Uert ,'Rue d'Olm', mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, tauscht. Dësen Tosch fënnt fir e Präis vun 1.000 Euro den Ar statt an no dësem entsteet eng Sult vun 180 Euro zu Gonschte vun der Gemeng.

### *1.3. Verkafsakt fir eng Parzell geleeën um Uert 'Unter der Hohburg'*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13289 vum 14ten November 2025 deen tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Diane Aimée Frisch souwéi dem Här Paul Marcel Kayser ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°389/3627, Akerland, mat enger Surface vun 3,16 Ar geleeën um Uert, 'Unter der Hohbuch', Sektioun E vu Keespelt a Meespelt. Dës Vente fënnt fir e Präis vun 1.000 Euro den Ar statt, soit 3.160 Euro. Den dozougehéierende Compromis gouf am Gemengerot vum 19ten September 2025 ugeholl.

### *1.4. Akt fir en Echange vun zwou Parzellen an der 'Rue de Roodt' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Nottärsakt bezüglech engem Echange n°13262 deen den 12ten November 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Societéit Penchert S.A, vertrueden duerch hier 3 Administrateuren, den Här Carlo Schmit, den Här Joé Schmit an d'Madamm Cindy Schmit, mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, d'Parzellen déi ageschriwwe sinn am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektioun C vun Nouspelt, nämlech d'Parzellen n°1151/5282, Strooss, mat enger Surface vun 0,24 Ar geleeën um Uert 'Rue de Roodt' an d'Parzell n°1151/5283, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 geleeën um Uert 'Pënchert' géint d'Parzell n°1151/5286, Plaz, mat enger Surface vun 0,06 Ar geleeën um Uert ,'Rue de Roodt'. Dësen Tosch fënnt fir e Präis vun 1.000 Euro den Ar statt an no dësem entsteet eng Sult vun 190 Euro zu Gonschte vun der Societéit Penchert S.A. De betreffende Compromis gouf am Gemengerot vum 19ten September 2025 ugeholl.

### *1.5. Nottärsakte bezüglech Terraine geleeën an der 'Rue Simmerschmelz' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13176 deen de 28ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, an dem Här André Jean-Pierre Haas ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2136/5193, Strooss, mat enger Surface vun 0,05 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 50,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13185 deen de 29ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Berthe Gertrude Françoise Cloos ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2135/5189, Strooss, mat enger Surface vun 0,15 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 150,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13184 deen de 29ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Aloyse Gonderinger souwéi der Madamm Juliane Leopolda Romain ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2128/4262, Strooss, mat enger Surface vun 0,35 Ar, geleeën um Uert 'In Roodt', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 350,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13160 deen de 24ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Joachim Gotthold Link souwéi der Madamm Marie Claire Annie Chapelat ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2133/5173, Strooss, mat enger Surface vun 0,03 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz ', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 30,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13151 deen de 23ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Paul Nicolas Limpach sou wéi der Madamm Marie-Paule Nicole Diener ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2136/5191, Strooss, mat enger Surface vun 0,13 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 130,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13202 deen de 31ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Jappe Serafijn Kieckens souwéi der Madamm Natacha Marie Kourbatoff, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2135/5187, Strooss, mat enger Surface vun 0,28 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 280,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13270 deen de 12ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Yvonne Marie Jeanne Wirion, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°850/5149, Strooss, mat enger Surface vun 0,03 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 30,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13110 deen de 15ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Georges Roger Decker souwéi der Madamm Claudine Hoffelt, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2131/5172, Plaz, mat enger Surface vun 0,15 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 150,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13131 deen de 21ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Ricardo da Costa Lima souwéi der Madamm Julie Viviane Danielle Vera Van Cleemput, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng Kielen d'Parzellen n°2134/5176, Plaz, mat enger Surface vun 0,06 Ar an d'Parzell n°2134/5177, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar, béit geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vu 70,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13123 deen de 16ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Guido Victor Adams souwéi der Madamm Margareta Ludovica Frans Vermeiren, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2131/5170, Plaz, mat enger Surface vun 0,20 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt, fir e Präis vun 200,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13186 deen de 29ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Pierre Greiveldinger souwéi der Madamm Sibylle Bösch, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzell n°839/5137, Plaz, mat enger Surface vun 0,03 Ar, géint d'Parzellen n°839/5139, Strooss, mat enger Surface vun 0,06 Ar an n°839/5138, Strooss, mat enger Surface vun 0,03 Ar, allen dräi geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vu 60,00 Euro ervir zu Gonschte vum Här Pierre Greiveldinger souwéi der Madamm Sibylle Bösch.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13168 deen de 27ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Romain Léopold Poos souwéi der Madamm Andrée Albertine Wantz ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2134/5175, Plaz, mat enger Surface vun 0,56 Ar, géint d'Parzellen n°2135/5181, Strooss, mat enger Surface vun 0,50 Ar, n°2135/5183, Strooss, mat enger Surface vun 0,50 Ar an n°2135/5185, Strooss, mat enger Surface vun 0,37 Ar, alle véier geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vu 430,00 Euro ervir zu Gonschte vum Här Romain Léopold Poos souwéi der Madamm Andrée Albertine Wantz.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13138 deen de 22ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Jean-Claude Schmit souwéi der Madamm Aline Jeanne Wiesen. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzellen n°2130/5176, Plaz, mat enger Surface vun 0,56 Ar an n°2130/5157, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar, géint d'Parzellen n°2130/5158, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar, an n°2130/5159, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar alle véier geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch entsteet keng Sult.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13256 deen de 11ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Jacques Graul souwéi der Madamm Jeanne Antoinette Welter ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzellen n°2130/5166, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar an n°2130/5167, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar, géint d'Parzell n°2130/5168, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar, allen dräi geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vun 10,00 Euro ervir zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13247 deen de 10ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Constant Jean Wirth souwéi der Madamm Sylvie Yolande Gary, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzellen n°44/5131, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar an n°1955/5151, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar, géint d'Parzell n°849/5147, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar, allen dräi geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vun 10,00 Euro ervir zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

### *1.6. Nottärsakte bezüglech Terraine geleeën an der 'Rue de Roodt' an an der 'Rue de Dondelange' zu Nouspelt*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13152 deen de 23ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Jean Roeser souwéi der Madamm Odette Catherine Theisen, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng d'Parzellen n°32/5221, Strooss, mat enger Surface vun 0,27 Ar an n°35/5225, Strooss, mat enger Surface vun 0,35 Ar, all béit geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vu 620,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13292 deen de 14ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Georges Hall, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt keeft d'Gemeng

d'Parzellen n°838/4853, Strooss, mat enger Surface vun 1,29 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vun 1.290,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13177 deen de 28ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Danièle Baum ënnerschriwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°838/5260, Plaz, mat enger Surface vun 0,14 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vun 140,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13286 deen de 13ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Simone Flore Elisabeth Gisèle Schleimer souwéi der Madamm Malou Nelly Paule Gisèle Schleimer ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°29/5218, Plaz, mat enger Surface vun 0,08 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vun 80,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13293 deen de 14ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Ertem Atli souwéi dem Här Neslihan Uzun ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°838/5261, Plaz, mat enger Surface vun 0,08 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vun 80,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13291 deen de 14ten November 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Georges Hall ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Verkafsakt verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°814/5235, Plaz, mat enger Surface vun 0,02 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt fir e Montant vun 20,00 Euro.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13139 deen de 22ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Patrick Warnier souwéi der Madamm Chantal Thoma, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzellen n°836/5249, Plaz, mat enger Surface vun 0,31 Ar an n°836/5250, Plaz, mat enger Surface vun 0,08 Ar, géint d'Parzell n°836/5247, Strooss, mat enger Surface vun 0,06 Ar, allen dräi geleeën um Uert 'Rue de Dondelange', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vun 330,00 Euro ervir zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13133 deen de 21ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Hermanus Theodorus Maria Vosman, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzellen n°836/5249, Plaz, mat enger Surface vun 0,31 Ar an n°836/5250, Plaz, mat enger Surface vun 0,08 Ar, géint d'Parzell n°836/5247, Strooss, mat enger Surface vun 0,06 Ar, allen dräi geleeën um Uert 'Rue de Roodt', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vun 330,00 Euro ervir zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13132 deen de 21ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Guido Pierre Mergen souwéi der Madamm Anne Elisabeth Nickels, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzell n°865/5264, Plaz, mat enger Surface vun 0,05 Ar an n°865/5265, Plaz, mat enger Surface vun 0,08 Ar, géint d'Parzell n°865/5262, Strooss, mat enger Surface vun 0,01 Ar, allen dräi geleeën um Uert 'Rue de Roodt', Sektioun C vun Nouspelt. Aus deem Tosch geet eng Sult vun 120,00 Euro ervir zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

De Gemengerot approuvéiert den Verkafsakt n°13155 deen de 23ten Oktober 2025 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Pascal Peters an der Madamm Françoise Seiwerath, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzel n°836/5243, Plaz, mat enger Surface vun 0,02 Ar, géint d'Parzell n°836/5241, Strooss, mat enger Surface vun 0,02 Ar, alle béit geleeën um Uert 'Rue de Dondelange Sektioun C vun Nouspelt. Dësen Tosch fënnt ouni Sult statt.

De Gemengerot approuvéiert den Akt bezüglech enger gratis Veräusserung n°13248 deen den 10ten November 2025 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Societéit LES LOTISSEMENTS S.A. ënnerschriwwe gouf Unhand vun dësem Akt veräussert d'Societéit der Gemeng gratis d'Parzell n°868/5010, Plaz, mat enger Surface vun 1,21 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Roodt', Sektioun C vun Nouspelt, déi eigentlech op e Wäert vun 1.210,00 Euro evaluéiert gouf

### *2. Bäitrëtt bei der Charte 'Meng Gemeng lieft Sport' – Grondsazdecisioun*

De Gemengerot hëlt d'Grondsazdecisioun fir d'Charte bezüglech der Weiderentwécklung vun der physescher Aktivitéit a vum Sport 'Meng Gemeng lieft Sport' ze ënnerschreiwen an fir Kreatioun vun engem Poste fir e Sportskoordinator, deen an der genannter Charte virgesinn ass, ze lancéieren. Et ass wichteg ze erwänen datt de Kaderkonzept 'Meng Gemeng lieft Sport' an de Koalitiounsaccord 2023-2025 d'Promotioun vun enger gesonder, aktiver an inklusiver Societéit fir d'Weiderentwécklung vun der physescher Aktivitéit an dem Sport viséieren.

### *3. Kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner / Pedibus – Kreatioun vun 2 Poste fir Salariéë mat enger intellektueller Tâche, Vollzäit, assimiléiert un Indemnitéit Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot schaaft 2 Poste fir Salariéë mat enger intellektueller Tâche, Vollzäit, fir de Service Pedibus vun der Gemeng a fixéiert d'Konditioune vun de Formatiounen déi ee minimum muss hu fir de genannte Posten ze besetzen an zwar muss een en Diplom hu vum Niveau 3 vum lëtzebuergesche Kader bezüglech de Qualifikatiounen déi am Artikel vum Gesetz vum 28ten Oktober 2016 stinn.

### *4. Déngschtleeschtungsvertrag / Konventioun*

#### *4.1. Déngschtleeschtungvertrag mat der Societéit Youth & Work*

De Gemengerot approuvéiert den neien Déngschtleeschtungsvertrag deen den 22ten Oktober 2025 tëschent der Societéit Youth & Work, vertrueden duerch d'Madamm Ariane Toepfer, d'Madamm Kristina Nincevic souwéi der Madamm Paule Pletgen, Geranteën, an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwe gouf. De genannten Déngschtleeschtungsvertrag passt sech deenen neien Obligatioune bezüglech dem Service vum allgemenge wirtschaftlechen Interêt (les services d'intérêt économique général (SIEG)) un. Dës Obligatioune sinn unhand vun der Decisioun 2012/21/UE vun der europäescher Kommissioun definéiert. Am Artikel 8, Punkt 2, vum genannten Déngsleeschtungsvertrag fënnt een déi järlech finanziell Participatioun op Basis vum viraussichtlech Budget 2026, déi am Averständnes vun de Parteien op 25.997,00 Euro, TVA inclus fixéiert gëtt.

#### *4.2. Avenant zu der Konventioun bezüglech der Kooperatioun mam CIGL (Centre d'Initiative et de Gestion Locale Steinfort ASBL)*

De Gemengerot approuvéiert den Avenant zu der Konventioun vum 26ten Januar 2023 deen

de 15ten Oktober 2025 tëschent dem CIGL, vertruedEn duerch den Här Guy Yvon Mathias Pettinger, President, den Här Tom Matarrese, Tresorier an d'Madamm Anja Poos, Sekretär, an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwe gouf. De genannten Avenant gesäit d'Modifikatioun vun der järlecher finanzieller Participatioun vir, déi am Artikel 2, Alinea 2, vun der Konventioun vum 26ten Januar 2023 festgeluecht ass. Dës Participatioun ass laut engem viraussiichtlechen Budget definéiert a gouf deemools tëschent de Parteien op 40.000,00 Euro fixéiert an dëse Montant gëtt elo op 50.000,00 Euro erhéicht ab dem Joer 2026.

## 5. Lotissementer

### 5.1. Lotissement vun enger Parzell an der 'Rue de Schoenberg' zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement n°259325–MORC-01, dee virgesäit d'Parzell Nummer 811/7625, mat enger Surface vun 12 Ar, Akerland geleeën um Uert 'Rue de Schoenberg', ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektioun A vu Kielen, ze splécken fir datt kënne 5 nei Lousen entstoe. Et handelt sech an dësem Fall ëm d'Lous 1, mat enger Surface vu 6,66 Ar, d'Lous 2 mat enger Surface vun 2 Ar, d'Lous 3 mat enger Surface vun 2 Ar, d'Lous 4a, mat enger Surface vun 3,99 Ar an d'Lous 4b, mat enger Surface vu 5,50 Ar. Dëse Projet gouf de 24ten September 2025 vum Geometer BEST G.O. S.àr.l. vun Niederanven opgestallt.

### 5.2. Fusionéiere vu Parzellen an der 'Rue de Simmerschmelz' zu Nouspelt

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement n°259312 – Lot -01, vum 8ten Oktober 1977, de virgesäit 3 Parzellen ze fusionéieren, nämlech d'Parzell Nummer 851/3558, mat enger Surface vun 2,65 Ar, Plaz, geleeën um Uert 'Rue de Simmerschmelz', d'Parzell Nummer 851/3559, mat enger Surface vu 4,60 Ar, Gaart, geleeën um Uert 'Kiperloch', d'Parzell Nummer 852/1679, mat enger Surface vun 9 Ar, Akerland, geleeën um Uert 'Kiperloch', allen dräi ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektioun C vun Nouspelt. Dëse Projet gouf vum Geometer BEST G.O. S.àr.l. vun Niederanven fir d'Societéit Trust S.àr.l. vun Nouspelt opgestallt.

### 5.3. Lotissement vun enger Parzell an der 'Grand-Rue' zu Nouspelt

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement n°228925, vum 1ten August 2025, dee virgesäit d'Parzell n°158/4480, mat enger Surface vun 13,50 Ar, Plaz, geleeën um Uert 'Grand-Rue', ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Kielen, Sektioun C vun Nouspelt, an zwee nei Lousen ze splécken. Et handelt sech an dësem Fall ëm d'Lous Nummer 158/X1, mat enger Surface vu 5,36 Ar, Plaz an Nummer 158/X2, mat enger Surface vun 8,16 Ar, Plaz. De genannte Projet gouf vum Geometer Sascha Seresse, ugestallt beim Kadaster, fir d'Madamm Nicole Rita Marthe Toelen opgestallt.

## 6. UGDA – Don am Kader vum 41sten lëtzebuergesche Concours fir jonk Solisten

Unhand vun hirem Email vum 23ten Oktober 2025, huet d'UGDA eng finanziell Ënnerstëtzung vun der Gemeng gefrot an dëst am Kader vun hirem 41sten lëtzebuergesche Concours fir jonk Solisten (Blosinstrumenter, Piano a Säiteninstrumenter) mat engem europäesche Concours fir Piano, Hautbois, Fagott a Cor en fa, deen den 23ten November 2025 am Conservatoire du Nord zu Ettelbréck stattfonnt huet. Am deem Kontext, bewëllegt de Gemengerot der UGDA e Subsid vun 300,00 Euro.

## 7. Subside fir déi lokal Societéiten 2024

### 7.1. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Spéciale"

De Gemengerot spent un de Grupp „Speciale" vun de lokale Societéiten e Montant vun 8.080,00 Euro am Ganzen.

### 7.2. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Autres"

De Gemengerot spent un de Grupp „Autres" vun de lokale Societéiten e Montant vun 1.800,00 Euro am Ganzen.

### 7.3.Subsiden un déi lokal Societéiten – „Sport"

De Gemengerot spent un de Grupp „Sport" vun de lokale Societéiten e Montant vun 51.000,00 Euro am Ganzen.

### 7.4. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Culture"

De Gemengerot spent un de Grupp „Culture" vun de lokale Societéiten e Montant vun 30.000,00 Euro am Ganzen.

## 8. Schoulkommissioun – Ernennung an Demissioun vu Memberen

Et ass wichteg ze erwänen datt säit de Wale vum Elterecomité vum 6ten Oktober 2025, d'Madamm Judith Wolff an d'Madamm Nadine Tibor net méi Member si vum Eltere-

comité, wat hir Demissioun als Elterevertrieder an der Schoulkommissioun mat sech bruecht huet. Am Kader vun deene selwechte Wale sinn d'Madamm Marta Do Carmo an den Här Alexandre Marti Member vum Elterecomité ginn. An deem Kontext, ernennt de Gemengerot, no geheime Vott an op Propositioun vum Elterecomité, d'Madamm Marta Do Carmo an den Här Alexandre Marti als Memberen déi d'Eltere vertrieden innerhalb vun der Schoulkommissioun. Deemno, setzt d'Schoulkommissioun sech aus follgenden 8 Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Localité | Fonction |
|---|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Olm | Membre, représentante du conseil communal |
| 2 | DREWS Frank | LSAP | Nospelt | Membre, représentant du conseil communal |
| 3 | FRANTZEN Maryse | DP | Olm | Membre, représentante du conseil communal |
| 4 | BONIFAS Larry | déi gréng | Nospelt | Membre, représentant du conseil communal |
| 5 | BODSON Paul | neutre | Steinfort | Membre, représentant du **personnel des écoles** |
| 6 | MAAS Véronique | neutre | Hagen | Membre, représentante du **personnel des écoles** |
| 7 | DO CARMO Marta | neutre | Kehlen | Membre, représentante des **parents des élèves** |
| 8 | MARTI Alexandre | neutre | Kehlen | Membre, représentant des **parents des élèves** |

### *9. Confirmatioun vun urgente Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

De Gemengerot confirméiert zwee urgent Verkéiersreglementer vum Schäfferot, an zwar fir Uschlossaarbechten un d'Kanalisatioun an der 'Rue Charles de Gaulle' zu Ollem virum Gebai n°27, ab dem 20ten November 2025 bis de 5ten Dezember 2025 a fir Äerdaarbechte fir den Uschloss un de Reseau vun der Kanalisatioun zu Kielen an der Aktivitéitszon virum Gebai n°28, ab dem 20ten November bis den 18ten Dezember 2025.

Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter presentéiert de rektifizéierte Budget 2025 an de Budget 2026.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *10. Personal Ugeleeënheeten - kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA)*

#### *10.1. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA) mat enger Tâche vun 90% (36 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Employé communal an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *10.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot bewëllegt engem Gemengenemployé beim kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA) d'Demissioun vu senge Funktiounen.

#### *10.3. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot bewëllegt engem Gemengenemployé beim kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA) d'Demissioun vu senge Funktiounen.

#### *10.4. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot bewëllegt engem Gemengenemployé beim kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA) d'Demissioun vu senge Funktiounen.